N° 3790
Entrée le 21.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Bauten an dem Minister fir Wirtschaft, PME an Tourismus op d'Question parlementaire n°3790 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen.

1. *Kënnen d'Ministeren Informatiounen zum aktuelle Stand vun den Ëmbauaarbechte liwweren?*

D'Bauteverwaltung ass net fir des Ëmgestaltung zoustänneg mee de Bedreiwer, an dësem Fall den Domaine thermal. Déi Informatioun ass och am Kader vun enger Reunioun kommunizéiert ginn.

Zousätzlech ass och nach ze soen, dass d'Bauteverwaltung verschidden Aarbechten am Gebai „source Kind" amgaangen ass ze plangen, déi kuerzfristeg wäerten ëmgesat ginn fir d'Gebai konform ze setzen; dobäi geet et notamment ëm:

- d'Ersetze vun der Beliichtung inklusiv Noutbeliichtung;
- d'Conformitéitsaarbechten vun der Détection incendie ;
- d'Conformitéitsaarbechten zum Accessibilitéitsgesetz mat der Installatioun vun enger neier automatescher Dier um éischte Stack;
- d'Renovatioun vum Buedembelag am Bausseberäich an enger enker Zesummenaarbecht mam INPA.

2. *Wäert de Staat den Doleancen vum Bedreiwerveräin betreffend dem Fluchsimulator an eventuell méi Ausstellungsflächen (eventuell op anere Plazen am Land) nokommen? Am u.g. Artikel war entre autres och riets vun enger Erweiderung. Esou eng Extensioun ass effektif um Site net virstellbar opgrond vun der ganz spezifescher Architektur vum Pavillon deen jo och klasséiert ass.*

Esou eng Extensioun ass effektiv um Site net virstellbar opgrond vun der ganz spezifescher Architektur vum Pavillon, dee jo och klasséiert ass.

Eng Demande fir Ausstellungsflächen op enger anerer Plaz ass dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten net bekannt a fält och net an dësen Zoustännegkeetsberäich.

Lëtzebuerg, den 21. Abrëll 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Bauten

(s.) Yuriko Backes